Allianz vun Humanisten Atheisten & Agnostiker

# Schummt iech !

## Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

07.09.2015

*Virun puer Deeg huet en héigen éisträichesche Vertrieder vun der kathoulescher Kierch, de Jakob Ibounig, den Holocaust als Folleg vum atheisteschen Humanismus bezeechent. En absolutte Skandal, fënnt den Dr. Laurent Schley, President vun AHA, a senger Carte blanche vun haut mam Titel „Schummt iech!“.*

Di rezent Aussoen vum Jakob Ibounig, an denen hien den Atheismus als Ursaach vum Holocaust ugëtt, sinn net di éischt an déi Richtung, di vun héige kathoulesche Kierchevertrieder gemaach ginn. Den Hitler war jo Atheist, heescht et oft.

Sou Aussoen sinn net nëmmen eng Frechheet fir all reliounsfräie vernonftsorientéierte Mënsch, nee, si sinn en absolutte Skandal a eendeiteg Geschichtsverfälschung. Vill Experten, dorënner de Karlheinz Deschner aus Däitschland, d‘Annie Lacoix-Riz aus Frankräich oder den Dirk Verhofstadt aus der Belsch hun dat Thema am Detail recherchéiert.

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt hie wuel kaum kuerz nodeem hien 1933 un d’Muecht koum, als alleréischt mol ee Konkordat mam Vatikan ofgeschlos, mi genau den 20. Juli;

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt wuel kaum de Münchner Kardinol Michael Faulhaber 1936 no engem perséinleche Gespréich mam Führer geschriwwen: „Der Reichskanzler lebt ohne Zweifel im Glauben an Gott. Er anerkennt das Christentum als den Baumeister der abendländischen Kultur.“.

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt hie wuel kaum 1941 zu sengem Generol Gerhard Engel gesot: “Ich bin nach wie vor Katholik und werde es immer bleiben”!

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt ee sech kënnen erwaarden, säi Buch „Mein Kampf“ op deem berüchtegten Index vun der kathoulescher Kierch rëmzefannen.

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt ee kënnen erwaarden, dass d’kathoulesch Kierch hien an seng Gefolgsleit giff exkommunizéieren.

Wier den Hitler Atheist gewiescht, hätt hie wuel kaum de Sproch „Gott mit uns“ op de Verschlëss vun der Wehrmacht hiere Rimmer toleréiert.

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Mee den Hitler war keen Atheist. Hie war gedeeft a staark mam Chrëschtentum verbonnen. Hie sot eng Kéier, dass d'Judden net lieweswäert wieren well se de Jesus un d'Kräiz geneelt hätten. Déi Ausso staamt eendeiteg aus der chrëschtlecher Traditioun. Et gouf also en Zesummenhang tëscht dem Chrëschtentum an dem Antisemitismus. Dozou den Dirk Verhofstadt an engem rezenten Interview: „Es war natürlich nicht die Kirche selbst, die sich des Holocaust schuldig machte, aber ihr immanenter Antisemitismus und ihre Gleichgültigkeit gegenüber dem Schicksal der Juden waren dafür eine notwendige Bedingung."

Dobäi kënnt, dass de Vatikan a seng Vertrieder fréi iwwert di Verbriechen Bescheed wossten, die dem Hitler seng Gefolgsleit un de Judden vollbruecht hunn. Ni, awer och ni während der Zäit vum 2. Weltkrich huet de Vatikan probéiert, di Grausamkeeten ze stoppen. Si hunn de Mond gehalen, si hunn nogekuckt, an zu allem Iwwerfloss nach nom Krich verschiddenen héichrangegen Nazien gehollef, sech a Südamerika oder op anere Plazen der Justiz ze entzéien.

Ech hat eigenlech net wëlles, dat hei Thema je an enger Carte blanche ze bréngen. Well awer ëmmer nees Vertrieder vun der kathoulescher Kierch bewosst Geschichtsverfälschung bedreiwen a probéieren, den Atheismus als Ursaach vu ënnert anerem reliéis motivéierte Verbriechen an d'Fënster ze stellen, muss dat endlech entlarvt ginn. Kee reliounsfräie Mënsch muss sech sou eppes bidde loossen.

Mäi Message un di kathoulesch Geschichtsfälscher resuméiert sech op zwee Wierder: Schummt iech!

*Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.* (AHA), www.aha.lu

Mitglied *International Humanist and Ethical* Union (IHEU)
Mitglied *European Humanist Federation* (EHF)
Mitglied *Alliance for a Secular Europe*
Mitglied *Cercle de Coopération des Associations laïque*s (CCAL)